Réunioun « RESTAURATION » vum 4. März 2010 (14.30 Auer)

🍽 🍽

Do waren : Här Jean Wagner – Här Rossi (service technique)

Hären Gillet an Ludovic (Eurest)

Hären Marcus an Origer (Proffecomité)

Mme Cloos (service socio-éducatif)

1 Schüler

Nelly Michels, Anne Decker a Christiane Mees (Elterecomité)

Nodeems den Här Directer d'Leit begréisst huet a jiddereen sech virgestallt huet, (Den Här Gillet an Mme Cloos waren déi éischte Kéier derbäi) sin folgend Bemierkungen gemeet gin:

De Schülercomité huet sech beschwéiert dass **déi méi „kleng" bei der Bestellung vun den „groussen" oft „iwersin" gin a sech virdrecken.**

Den Här Ludovic huet bemierkt dass et fir d'Personal déi d'Iessen erausgin, et net méiglech wär déi aner Säit dorop opzepassen. Sie géifen awer hiert Bescht machen.

Den Elterecomité huet gesot dass sie d'Woch virdrun eng Réunioun mat den Elterevertrieder haten an do war **keng Reklamatioun** oder soss eng Bemierkung wat Restauratioun ugeet gemeet gin.

Vum Proffecomité huet den Här Marcus Reclamatioun vun verschiddene Proffen virugin wat de **vegetaresche Plat** ugeet. Do misst méi Ofwiesselung sin, oft ass et eng Baguette mat Geméis an et ass de Firschlag gemeet gin z.B. de selwechten Teller ze servéieren ewéi déi aner Plat'en mee d'Fleesch z.B. duerch Tofu ze ersetzen.

Den Directer huet gemengt dass d'Proffen sollen Menufirschléi maachen.

Den Här Ludivic huet bemängelt dass an der **2. Iesspaus méi Surveillance** misst do sin. Vill Platoen mat den Telleren géifen net virum Sall an d'Etagèren ofgesaat gin.

Den Här Directer huet och schon tëschend den Heizungen all Sorte vun Iessen stiechen gesin an huet d'Propos gemeet fir Fotoen vun alledeem ze machen an den Dag drop esou opzehänken dass d'Schüler se mussen gesin an esou probéieren sie ze sensibiliséieren.

Den Här Rossi fënd et net gud dass dat selwecht Personal déi d'Iessen erausgin, och fir **d'Botzen vum Iesssall an den Toiletten** zoustänneg ass. Vu que dass déi Leit dat richtegt Botzmaterial net hun, z.B. fir Toiletten, sin déi oft net proper.

Den Här Gillet huet geäntwert dass an der neier Offer misst e sous-Traitant fir déi Arbechten ausgeschriwen gin. Et misst een awer bedenken dass dat oft de Präis vill an d'Luucht dreiwt an dee Posten vum Botzen misst och immens détailléiert opgelëscht gin.

Wat eng nei Soumissioun ugeet (all 3 Joer muss dat gemeet gin an nächst Schouljoer ass et erëm esou weit) huet den Här Directer gesot dass och wat d'Unzuel vu Personal an d'Stonnenzuel ugeet, an der Soumissioun vill méi détailléiert misst opgezielt gin.

Mme Cloos - huet nogefrot op et méiglech wär, **an der Cafeteria méi Snacks unzebidden.**

Wat Pizza a Co ubelaangt, huet den Här Directer gesot dass vum Ministère aus d'Wiel éischter op en Menu mat Geméis an Uebst geluecht get.

Mme Cloos huet den Awand gemeet dass een de Schüler dat misst nobrengen an erklären.

Den Här Gillet huet drop higewisen dass ab nächstem Schouljoer nei Directiven erausgin wat och d'Menuen betrëfft. Et solle méi „kannergerecht" Menuen ugebueden gin. Dofir géifen sie et begréissen wa sie vill nei Firschléi kéinten gemeet kréien.

- fënd et net gut dass **an der Mëttesstonn** keng **2. Kees an der Cafeteria** op ass. Do wären oft ze laang Reien an an der 2. Iessenspaus wären och oft keng Bréidercher méi do.

Den Här Ludovic huet gesot dass eng 2. Kees net méiglech wär well dat Personal da misst an der Kichen ofgezun gin. Wat Bréidercher ugeet, huet de Schülercomité déi leschte Réunioun och schon drop higewisen an nodeems eng 20-25 Bréidercher méi do luuchen, hun der missen oft ewechgeheit gin. D'ongeféier Unzuel déi all eenzelnen Dag kaaft gin, ass net anzeschätzen.

Den Här Directer huet informéiert dass probéiert get **d'Still an der Cafeteria erëm zerëckzesetzen**.

Enn vun der Réunioun: 15.30 Auer.